LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Le Ministre

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
24 JUIL. 2017

Luxembourg, le 24 juillet 2017

Le Ministre de l'Économie
à
Monsieur le Ministre aux
Relations avec le Parlement

**L-2450 LUXEMBOURG**

Réf. : Co/QP3064-01/JM-dm

Objet: **Question parlementaire N° 3064 du 13 juin 2017 de l'honorable député Fernand Kartheiser**

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse de Monsieur le ministre de l'Économie Étienne Schneider à la question parlementaire sous objet, avec prière de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Étienne Schneider

Dossier suivi par : Judith Meyers, tél : 247-84349 ; email : judith.meyers@eco.etat.lu

19-21, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg
TVA LU 158 52 112

Tél. (+352) 247-82478
Fax (+352) 26 20 04 95
IBLC 158 52 112

Adresse postale:
L-2914 Luxembourg

info@eco.etat.lu
www.gouvernement.lu
www.eco.public.lu

**Äntwert vum Vize-Premierminister a Wirtschaftsminister, Etienne Schneider, op d'parlamentaresch Ufro nr 3064 vum 13.Juni 2017 vum Deputéierten Fernand Kartheiser**

1) Bei der Wiel vun de Sproochen as de STATEC beméit sech der Populatioun unzepassen, déi bei enger Ëmfro matmaachen, sief dat Privatleit (Stéit) oder Betriber. Sou goufen et bei der leschter Vollekszielung 2011 Questionnairen op lëtzebuergesch, franséisch, däitsch, englesch a portugisesch. Fir d'Ëmfro "Tourismus" verschéckt de Statec Questionnairen a Bréiwer an den dräi administrative Sprooche vum Land, wéi och op englesch. Dës véier Sprooche goufen och an der leschter Telefonsëmfro iwwert d'Sécherheet hei am Land benotzt. De STATEC ass bestrieft fir d'Questionnairen op d'mannst op zwou Sproochen unzebidden, an der Reegel op franséisch an op däitsch. Et ginn awer och eng Rei Froebéi op lëtzebuergesch, wéi zum Beispill dee fir d'Enquête iwwer d'Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien, iwwer d'Akommess an d'Liewensbedingungen, oder iwwer d'Charakteristike vun den Haiser. De STATEC suergt derfir, datt an Zukunft bei all Ëmfro de Begleetbréif och op lëtzebuergesch mat verschéckt gëtt. Wat d'Froebéi ugeet, as et d'Zil fir am Kader vun den disponibele Budgetsressourcë méi e grousse Choix u Sproochen unzebidden. Et sief drop higewisen, datt bei verschidde Froebéi fir Betriber eng lëtzebuerger Versioun net vill Sënn mécht, wéinst de villen technesche Begrëffer aus dem plan comptable (LUXGAP).

2) D'Missioun vum STATEC ass et qualitativ héichwäerteg Statistiken ze produzéieren. Fir datt dëst méiglech ass, musse vill Leit bei enger Ëmfro matmaachen. Nëmmen esou ka garantéiert ginn datt déi publizéiert Donnéeë representativ a relevant sinn. Am Gesetz vun 2011 iwwert d'Organisatioun vum STATEC steet de Prinzip, datt op d'Froe vun enger Ëmfro muss geäntwert ginn. Dëst legaalt Mandat fir d'Kollekt vun den Donnéeë steet och am "Code de Bonnes Pratiques" dee fir dee ganzen Europäesche Statistiksystem gëlt an op deen dat Lëtzebuerger Gesetz vun 2011 sech bezitt. (http://www.statistiques.public.lu/fr/acteurs/statec/politiques/index.html ). D'Geldstrofen, déi virgesi sinn, sinn déi lescht Etapp vun engem laange Prozess vu Relancen am Fall wou e Stot oder e Betrib net geäntwert hätt. Dozou gehéiere schrëftlech Rappellen an ageschriwwe Bréiwer, Telefonsuriff a Virschléi fir de Leit an de Betriber ze hëllefen.

3) Et kënnt seele vir, dass de STATEC kéng aner Méiglechkeet méi gesäit vis-à-vis vun enger Persoun oder engem Betrib, dee net wëll äntweren. An deene puer Fäll mécht d'Police e Procès-Verbal, deen dono un de Parquet geet. Vu datt de Parquet net verflicht ass fir de STATEC driwwer ze informéiere wéi et mat der Prozedur wieder gaangen ass gin et keng Statistiken doriwwer.

4) Et as kee spezielle Recours virgesinn am Fall wou eng Persoun oder e Betrib net op d'Froe vun enger Ëmfro wëll äntweren. An deem Fall spillt den *droit commun* an déi betraffe Persoun kann e Recours bei der zoustänneger Verwaltung areechen. An dësem Fall ass dat de Wirtschaftsministère (Artikel 1 vum Gesetz vum 10. Juli 2011). Wann déi betraffe Firma oder déi betraffe Persoun net Recht kréien, kann si e Recours virum Verwaltungsgeriicht maachen a Form vun enger administrativer Prozedur.

5) Wann en anert Institut oder eng privat Firma eng Ëmfro am Numm vum STATEC mécht, gëlle fir déi Leit a Betriber, déi kontaktéiert goufen, déi selwecht Reegelen, wéi wann de STATEC dës Ëmfro selwer géing duerch féieren. Geldstrofe sinn och hei méiglech, mä et ass un der Direktioun vum STATEC fir ze decidéieren op eng Prozedur an d'Weeër geleet gëtt oder net.